



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Finanzen & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den 2. Dezember 2025 huet de Ministère fir Education, Kanner a Jugend en nationale Plang fir d'Stärkung vun der Finanzbildung am lëtzebuergesche Schoulsystem virgestallt. Dëse Plang gesäit ënner anerem d'Aféierung vun engem "Finanzförschäin", d'Integratioun vun der Thematik an de Plan d'études vum Fondamental an d'Schafe vun engem nationale Kompetenzkader vir. D'Zil ass et, d'Schüler op hir finanziell Zukunft virzebereeden an hir Autonomie ze stäerken.

Parallel dozou weise rezent Medieberichter, déi sech op Etüde vun der Europäescher Zentralbank (EZB) an der Fondatioun ABBL stäipen, op e besuergneserreegenden Trend hin: Ëmmer méi jonk Leit investéieren an onreglementéiert a volatil Kryptowärungen. Laut der ABBL hu 17 % vun de Jonken tëscht 13 a 25 Joer scho Finanzinvestissementer getätigt, dovunner iwwer en Drëttel a Kryptowärungen. Dës Produite ginn dacks als "no bei Videospiller" ugesinn a via Social Media gëtt vu sougenannten "Finfluencer" Reklam fir si gemaach, wat dozou féiert, datt d'Risikowarnehmung bei ville jonken Investisseuren net dem reelle Geforepotential entsprécht.

An deem Zesammenhang wëllt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt am neien nationale Plang fir Finanzbildung spezifesch op d'Risiko vu Kryptowärungen (Volatilitéit, Mangel u Reglementéierung, Bedruchsrisiko) agaangen, an ënnerscheet sech dës Volet vun der klassescher Finanzbildung iwwer reglementéiert Produkter (Spuerbuch, Aktien, ...)?
2. Ginn am Kader vum "Finanzförschäin" oder de neie Schoulmaterialie konkret Moduller ugebueden, déi de Phänomen vun de "Finfluencer" an d'Gamification vun Investitiouns-Apps belichten?



3. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Léierpersonal, dat dës Themen am Cycle 4 oder am Secondaire vermëttelt soll, selwer genuch iwwer déi komplex a sech séier verännerend Welt vun de "Crypto-Assets" a Blockchain-Technologien informéiert a weidergebilt ass?
4. Ass geplangt, am Kader vum ugekënnegten nationale Monitoring och spezifesche Daten iwwer d'Investitiounsverhalen vu Schüler an digitale Wärdungen ze erhiewen, fir d'Preventiounsmaassnahmen zäitno unzepassen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten





Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3292 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. Wéi gëtt am neien nationale Plang fir Finanzbildung spezifesch op d'Risike vu Kryptowärungen (Volatilitééit, Mangel u Reglementéierung, Bedruchsrisiko) agaangen, an ënnerscheet sech dëse Volet vun der klassescher Finanzbildung iwwer reglementéiert Produkter (Spuerbuch, Aktien, ...)?

Am Kader vum nationale Plang fir d'Stärkung vun der Finanzbildung gëtt de Sujet vun de Kryptowärungen an aneren digitale Finanzprodukter explizit, differenzéiert an altersgerecht behandelt.

Nieft de Grondlage vun der klassescher Finanzbildung (Spueren, Budgetéieren, reglementéiert Investitiounsprodukter) gëtt besonnesch Wäert op d'Risikokomponente vun onreglementéierten a staark volatile Produite geluecht.

D'pedagogesch Approche ziilt net dorop of, Investitiounen ze promouvieren, mee dorop, de kritesche Geescht, d'Risikowarneemung an e responsabelt Verhalen ze fërderen.

Praktesch a simulativ Léierformater (z. B. Simulatiounen, Rollespiller, Atelieren oder Diskussiounsformater) erlaben et, wirtschaftlech Mechanismen a Risike gräifbar ze maachen, ouni datt dobäi reell Suen agesat ginn.

Dëse Volet ënnerscheet sech domat kloer vun der klassescher Finanzbildung iwwer reglementéiert Produkter, och wann d'Methoden (praktesch Approchen, Vergläicher, Fallstudien) bewosst analog opgebaut sinn.

2. Ginn am Kader vum "Finanzfürerschäin" oder de neie Schoulmaterialie konkret Moduller ugebueden, déi de Phänomen vun de "Finfluencer" an d'Gamification vun Investitiouns-Apps belichten?

Am Kader vum ugekënnegte „Finanzfürerschäin“ an den neie pedagogesche Materialie wäerte konkret Léierunitéiten a Moduller virgesi sinn, déi sech mam Phänomen vun de sougenannte „Finfluencer“, de Marketing- a Beaflossungsmechanismen op sozialen Netzwierker, an der Gamification vun Investitiouns- a Finanz-Apps (Spilllogiken, Belounungssystemer, Emotional Design) auserneesetzen.

D'Finanzbildung gëtt dobäi interdisziplinär konzipéiert a fänkt schonn a jonkem Alter un. Si gëtt a verschidde Fächer a Formater integréiert (z. B. Mathematik, Vie et Société, Sproochen, Économie), an duerch thematesch Projeten, Atelieren oder Aktiounsdeeg ergänzt.

An Zesummenaarbecht mat agreéierte Partner aus dem Finanz- a Preventiounsberäich ginn dës Phänomener och am méi breede Kontext vun Iwwerconsummatioun, Verschëldung a finanzieller Vulnerabilitéit thematiséiert.

3. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Léierpersonal, dat dës Themen am Cycle 4 oder am Secondaire vermëttelt, selwer genuch iwwer déi komplex a sech séier verännerend Welt vun de "Crypto-Assets" a Blockchain-Technologien informéiert a weidergebilt ass?

D'Léierpersonal gëtt gezielt a kontinuierlech ënnerstëtzt a weidergebilt.

Dës geschitt iwwer:

- spezifesch Formatiounsmoduller am Beräich Finanzbildung an digital Wirtschaft um Institut de Formation de l'Éducation Nationale (IFEN),
- bedarfsorientéiert Begleedung a Ressourcen iwwer de SCRIPT esou wéi
- d'Zesummeschaff mat externen, agreéierte Partneren, déi pedagogesch agebett Interventiounen maachen.

Dobäi steet net d'Déift vun technesche Blockchain-Kenntnisser am Vierdergrond, mee d'Fäegkeet, Grondprinzipien, Risiken a gesellschaftlech Auswierkungen verständlech, kritesch an altersgerecht ze vermëttelen.

4. Ass geplangt, am Kader vum ugekënnegten nationale Monitoring och spezifesch Daten iwwer d'Investitiounsverhalen vu Schüler an digitale Wärdungen ze erhiewen, fir d'Preventiounsmaassnahmen zäitno unzepassen?

Am Kader vum nationale Monitoring zur Finanzbildung ass kee systematescht Erhiewe vu perséinlechen oder individuellen Donnéeën iwwer konkret Investitiounen vu Schüler virgesinn.

De Monitoring konzentréiert sech op d'Entwécklung vu Finanz- a Mediekompetenzen, d'Wëssen an d'Risikowarneemung vun de Schüler, an d'Wierksamkeet vun de Preventiouns- a Sensibiliséierungsmaassnahmen.

Allgemeng an anonymiséiert Erkenntnisser kënnen, a Kooperatioun mat nationale Partneren aus dem Preventiounsberäich (z. B. Iwwerschëldung, Iwwerconsumptioun, Cybersécherheet), a bestoend national Ëmfroen oder Analysen afléissen, fir d'Messuren zäitno un nei Entwécklungen unzepassen.

Dobäi ginn Dateschutz an ethesch Prinzipien konsequent respektéiert.

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH